

5. Dépôt d'une proposition de loi

■ M. Jean-Pierre Klein (LSAP).- Merci, Här President. Här President, ech erlabé mir, fir eng Proposition de loi ze déposéieren iwwert d'Indemnisiatioun vun de Presidente vun den Offices sociaux.

- *Proposition de loi 5086 portant modification de la loi communale du 13 décembre 1988*

■ M. le Président.- D'Chamber hält Akt vum Dépôt vun der Proposition de loi duerch de Kolleeg Jean-Pierre Klein. Si gött weidergeleet un de Statsrot.

D'Wuert huet elo d'Madame Renée Wagener fir den Dépôt vun zwou Motiounen.

6. Dépôt de deux motions par Madame Renée Wagener

■ Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Merci, Här President. Ech wollt zwou Motiounen déposéieren, déi eng iwwert d'Ennerstëtzung vum Stat vun der historescher Recherche iwwert den Zweete Weltkrich an déi zweet zur Récupératioun vun engem Fichier iwwer lëtzebuergesch Krichsgefaanger zu Moskau.

Motion 1

La Chambre des Députés

- *considérant que le grand intérêt du public pour l'exposition „Verbrechen der Wehrmacht“ a démontré une nouvelle fois le besoin de la société luxembourgeoise de se pencher sur tous les aspects de l'histoire de la 2e Guerre mondiale;*

- *considérant que l'initiative de montrer cette exposition à Luxembourg s'inscrit dans l'éventail des tentatives d'un élargissement de la recherche historique;*

- *considérant que le sujet des Luxembourgeois dans la Wehrmacht n'est qu'un des éléments que l'historiographie luxembourgeoise sur la 2e Guerre mondiale se doit d'analyser;*

- *considérant que jusqu'ici, les instruments créés ou soutenus par l'Etat dans le domaine de la recherche et de la documentation de la 2e Guerre mondiale concernent essentiellement la mémoire de la Résistance luxembourgeoise;*

- *considérant qu'il est du devoir de l'Etat luxembourgeois de se donner les instruments pour une recherche aussi complète et large que possible sur la 2e Guerre mondiale, qui ne se limite pas au fait de la Résistance;*

invite le Gouvernement

- *à mettre en place des structures scientifiques de recherche historique aptes à étudier la 2e Guerre mondiale dans toute son étendue et sous toutes ses facettes;*

- *à pourvoir ces structures des moyens financiers et des ressources humaines nécessaires;*

- *à étudier les possibilités d'intégrer dans le concept de la nouvelle Université de Luxembourg le domaine de la recherche historique sur la 2e Guerre mondiale et plus généralement sur l'histoire du 20e siècle.*

(s.) Renée Wagener, François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss.

Motion 2

La Chambre des Députés

- *considérant que presque soixante ans après la 2e Guerre mondiale de nombreux cas de personnes déplacées et d'enrôlés de force luxembourgeois disparus – notamment en Europe de l'Est – restent non élucidés;*

- *considérant qu'à côté de l'intérêt de la recherche scientifique sur la 2e Guerre mondiale, il importe d'assister les personnes dési-*

reuses de faire des recherches personnelles sur le sort des membres de leur famille disparus;

- *considérant qu'un fichier contenant les dossiers de plus de mille personnes déplacées et enrôlés de force qui sont devenus prisonniers de guerre luxembourgeois existe dans les services historiques de l'armée russe à Moscou;*

- *considérant que les archives russes qui détiennent ce fichier sont entre-temps accessibles;*

- *considérant que d'autres gouvernements d'états membres de l'Union européenne ont déjà procédé à des rapatriements voire copies de dossiers analogues;*

- *considérant qu'une mission dans ce sens avait été mise en marche par le gouvernement luxembourgeois en 1994 mais semble avoir eu un caractère limité;*

invite le Gouvernement

- *à prendre les mesures qui s'imposent pour obtenir une copie du fichier en question et pour le rendre accessible au public concerné;*

- *à mettre en place les instruments et les ressources humaines nécessaires à une traduction du russe et à une évaluation scientifique de ces dossiers;*

- *à créer un service d'assistance aux personnes désireuses de lever le voile sur le sort des membres de leur famille disparus pendant la 2e Guerre mondiale.*

(s.) Renée Wagener, François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss.

■ M. le Président.- Déi Motiounen gi weidergeleet un déi zoustänneg Kommissiounen.

Mir fueren da weider mat eisem Ordre du jour. Mir kommen zur Interpellatioun vum Kolleeg Georges Wohlfart iwwert d'nohalteg Entwécklung vun Éislek. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Loes, Calmes, Gira, Schank an d'Madame Durdu. D'Wuert huet elo den Auteur vun der Interpellatioun, den honorablen Här Georges Wohlfart.

7. Interpellation de M. Georges Wohlfart au sujet de la politique du Gouvernement concernant le développement de la région Nord du Grand-Duché

■ M. Georges Wohlfart (LSAP), interpellateur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn déi Interpellatioun vun de Mëtteg ugefrot, well ech der Meenung sinn, dass déi zukünfteg Entwécklung vun onsem Land am Kader vum Aménagement général du territoire all Géigende vu Lëtzebuerg soll abezéien. Dat dierft, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei enger Gesamtfläch vun 2.500 km², wouvun den Norden eppes méi wéi 40% ausmécht, och keng Saach vun der Onméiglecheet sinn.

Et ass net meng Absicht de Mëtteg op all Fro gestallt vu mir oder vun de Kolleegen, déi no mir schwätzen, vun der Regierung eng Antwort ze kréien, och net op all Suggestioun, déi mer maachen. Ech gesinn et vill méi als Denkustouss, fir dass mer an Zukunft kënnen liden, déi de Mëtteg hei am Plenum ausgeschwat ginn, an deene verschiddene Chamberkommissiounen an ons Aarbechte mat afléisse loossen, fir eventuell am Enn vum Joer an enger Orientéierungsdebat dann déi Schlussfolgerungen ze zéien, déi noutwenneg sinn, fir den Norden op d'Zukunft virzebereeden.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an deene leschte Joren a Méint si ganz vill Diskussiounen gefouert ginn an et ass vill geplangt ginn am Süde vum Land. Nei Bestëmmungen, zum Deel ganz interessant Bestëmmungen, iwwert

d'Industriebroochen, déi deser Géigend sollen nei Impulser ginn, si virgënn. Ech wëll net am Detail heiprop agoen. Ech mengen, dat géif éischters de Kader vun der Interpellatioun sprengen an zweetens sinn d'Kolleegeinnen a Kolleege am Süden do besser gestallt wéi ech, fir iwwert dës Problematik am Detail ze diskutéieren.

Ech wollt dozou just bemierken, dass ech voll a ganz mat deenen Zilsetzungen do d'accord sinn, well se fir dës Géigend vum Land sécherlech eng Rei Zukunftsperspektiven opmaachen, déi eng reell Chance fir de Süden duerstellen. Et huet keng Biergerinitiativ missen op de Plang geruff ginn, fir dese Propositionen Nodrock ze ginn, se ze ennerstëtzen, an dat ass a mengen An och gutt esou.

Anescht, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, huet et an deene leschten zwanzeg Joer mat deem engen oder anere wichtigeg Infrastrukturprojet fir d'Nordregioun ausgesinn, ouni dass ech - an dat wëll ech direkt soen - wëllt verleechnen, dass munches sech am Norden am Positive beweegt huet - ech wäert am Laf vu menger Interpellatioun dorop zrëckkommen -, mä ech muss feststellen, dass zum Beispill den 8. Juni 1980 eng Manifestatioun zu Elwen vun der Aktioun Nordstreck, dat waren deemools d'Nordgemengen an de Landesverband vun den Eisebunner, iwwer 6.000 Leit op de Plang geruff hat, fir fir d'Erhaltung, d'Moderniséierung an d'Elektrifizéierung vun der Eisebunnstreck Ettelbréck-Elwen-Gouvy ze demonstréieren.

Dës Eisebunnstreck ass, menger Meenung no, eng liewenswichtig Infrastruktur fir d'Leit aus dem Norden, eleng wann ee kuckt wéi vill Pendler all Moien aus dem Norden an aus aneren Deeler vum Land mat deem Transportmëttel schaffe fueren. Et sinn der 6.700, ouni dobäi d'Schüler ze vergiessen, déi mer op déi eenzel Lycéee bréngen. Si ass fir d'Leit aus dem Norden eng ganz wichtig Infrastruktur a se war en éischte Schrëtt, fir déi jorzéngtelaang Ofwanderung aus dem Éislek ze stoppen.

Duerno 1992, ech mengen et war am Mäerz, koum et zur Demonstratioun vun de gewielte Volleksvertreder aus der Nordregioun virun deem héijenen Haus. Si hunn domat hir Ennerstëtzung zum Ausdrock bruecht, wat de Bau vun der Nordstrooss ugeet. Och wann ech der Meenung si wéi anerer, dass doduerjer net all d'Problemer vum Norde geléist sinn, mengen ech awer, dass et am Gesamtpuzzle fir den Norden e wichtegt Element fir seng zukünfteg positiv Entwécklung duerstellt.

Déi lescht Demonstratioun am Juli 2001: Zu Wolz hu sech d'Gewerkschaften, d'Gemengen, d'Vertreder vun de Schoulen an d'Schoulkanner zesumme fonnt, fir d'Erhalen an den Ausbau vun der Streck Kautebaach-Wolz an den Aménagement vun der Gare zu Wolz ze demonstréieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, unhand vun dese Beispiller ass et, menger Meenung, no liicht nozevollzéien, dass an deem engen oder aneren Dossier méi Asaz oder méi Nodrock verlaangt war, wa mer am Norden no verschiddenen Infrastrukture gefrot hunn. Ech wëllt wéi gesot dës Interpellatioun als éischten Denkustouss gesinn. Ech hoffen, dass mer de Mëtteg eng positiv, konstruktiv an oppen Diskussioun kënnen féieren.

D'Bevölkerung huet glécklecherweis no der Ofwanderung, déi bis Mëtt den achtzeger Joren ugehale huet, an deene leschte Joren en erfreeschen Opschwung kannt. Ech wëllt dozou d'Zuele vun der Vollekszielung vun 1991 respektiv

2001 uféieren. Am Norden hunn 1991 56.895 Leit gewunnt. 2001 waren et der 67.487. Wann ech elo gutt gerechent hunn, dann ass dat en Zouwuess vun 10.592 Persounen. Dat entsprécht in etwa der heiteger Bevölkerszuel vum Kanton Klierf. Dat ass en Zouwuess, wa mer en a Prozenter ausrechnen, vun iwwer 18,6%, deen domat daitlech iwwert dem Landesduerschnitt vu 14,3% läit. Den Undeel un der Gesamtpopulatioun hei zu Lëtzebuerg ass domadder am Norde vu 14,8% op 15,4% an d'Luucht gaang. En Trend an eng Tendenz, déi iwwergens zënter 2001 weider unhalen. Dat beweist, dass mer am Norden um richtege Wee sinn.

Här President, ech ka mech nach gutt drun erënneren, an ech mengen Dir och, dass Dir als zoustänneg Minister fir de soziale Wunnensbau Mëtt der achtzeger Joren eng Initiativ geholl hutt, fir de gesamte Kanton Klierf beim sozialen Wunnensbau als eng Gemeng ze betruechten. Dat heescht, et war esou schlëmm, dass déi kleng Gemengen net genuch Interessenten fonnt hu fir de soziale Wunnensbau, sou dass am Fong geholl de ganze Kanton konnt considéréiert ginn. Esou konnt eng ganz Rei Leit an de Genoss vun deene staatlechen Hëllef kommen. Dat war eng Saach, déi duerchaus positiv war.

Och um Niveau vun den Industriezonen huet sech zu deemselwechten Zäitpunkt de Robert Goebbels ervirgedoen an huet innovéiert, andeem hien déi sou genannt regional Industriezonen agefouert huet. Zum Beispill fir d'Gemengen aus dem Klierwer Kanton war dës besonnesch wichtig. Net nëmmen, well hei 85% vun den Infrastrukturkäsche vum Stat iwwerholl gi sinn, well et zu enger regionaler, interkommunaler Zesummenaarbecht komm ass, mä well et fir d'éischt méiglech war, souwuel Industriebetriber wéi Betriber vun Handel an Handwierk kënnen unzesiedelen, wat bei där fréierer Konstellatioun, op där enger Sait national Industriezone fir d'Industriebetriber, op där anerer Sait kommunal Zone fir Handel an Handwierk, net méiglech war.

Do derniewent huet den Zesummeschluss vun enger ganzer Rei vu Syndikater op Gemengenniveau bewisen, dass eng ganz Rei vu Gemengeverantwortlechen schon deemools hir Responsabilitéit iwwerholl haten an net nëmmen op d'Hëllef vum Pappa Stat gewaart hunn. Dat muss ee positiv ervirsträichen. Eng ganz Rei vun interkommunalen a regionale Syndikater sinn doduerch entstan.

All dës Initiativen, déi ech elo opgezielt hunn, hunn e positiven Trend mat sech bruecht, deen een nëmme begrësse kann, mä, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Médail huet wéi ëmmer zwou Säiten. Dat heescht an deem Fall, dass nei Problemer mat dem Uwuesse vun der Bevölkerung op ons duerkommen, wat d'Infrastrukturen, d'Liewensqualitéit, den Ëmweltschutz, d'Aarbechtsplazen an d'Ausbildung ugeet. Do gött et eng Rei Léisungen, déi op der Zäitachs ganz schnell musse geléist ginn.

Thema Infrastruktur: D'Nordstreck, a mir schwätzen hei vun Eisebunn, d'Fuerderung vum zweegleisegen Ausbau vun der Streck, do wou et technesch méiglech ass, duerf an Zukunft keng Utopie sinn. Ech hu virdrun op déi grouss Zuel vu Pendler a Schüler higewisen, déi zu Dausenden op dës Infrastruktur ugewise sinn. Datselwecht göllt fir den Ausbau a Verbesserung vun der Streck Kautebaach-Wolz.

Fir de Schüler- a Pendlertransport sinn dës Investitiounen sënnvoll an néideg, mä ech géif souguer behaupten, dass se och fir de Giddertransport hir Bedeitung hunn, well och d'Betriber an Zukunft kënnen iwwert d'Eisebunn hir Produkter féieren.

Am allgemengen ennerstëtze mir als LSAP weider d'Initiativen, wat den Ausbau vum öffentlechen Transport ugeet. Ech mengen, dat ass eng Noutwendegkeet, wann ee wëllt an deenen nächste Joren d'Zuel vun de Leit, déi Pendler sinn, an d'Zuel vun de Grenzgänger vun 10% op 25% eropsetzen, wat d'Benotzung vum öffentlechen Transport ugeet. Da weess een, dass een do een ambitiëse Projet huet. Mä op jidde Fall ass et aus enger ganzer Rei vu Grënn, an net nëmme vu Sécherheet mä och vun nohalteger Entwécklung, eng Saach déi voll a ganz ze ennerstëtzen ass. Hei sinn - dat muss een och soen - eng Rei vun éischten Initiative geholl ginn. Wéi gesot, ons Fraktioun ennerstëtzt all aner Initiativ an der Verbesserung vum öffentlechen Transport.

De Stroossebau dann: De Robert Goebbels huet, wéi mer en Deel vun der Nordstrooss ageweicht hunn deemools um Friedhaff, gemengt, de Friedhaff wier den Ufank vun der Nordstrooss. Ech stelle fest, dass mer vum Friedhaff un tatsächlich haut eng gutt Verbindung bis an d'Stad hunn. Mä op där anerer Sait hu mer nach ëmmer 35 km bis op déi belsch Grenz, wou mer 16 km - wann ech gutt gerechent hunn - nach ëmmer zweespureg duerch siwen Uertschafte fueren.

D'Zuel vun den Autoen, déi dagdeeglech an onst Land erafueren - an hei Här President, Dir Dammen an Dir Hären, schwätzen ech net vun deene Leit aus den Nopeschlänner déi Client si bei onse Supermarchéen an Tankstellen, mä vun deenen déi op Lëtzebuerg schaffe kommen, respektiv bis an d'Stad erof schaffe kommen -, ass an de leschte Jore förmlech explodéiert. Véier mol esou vill Autoe wéi nach 1980, sou weisen d'Schätzunge vun de Ponts et Chaussées et aus. Dobäi fale virun allem déi permanent steigend Zuele vu Camionnetten vu belschen Entreprises op. Kee Wonner, wann ee weess wéi grouss den Undeel vun onsen Noperen zum Beispill an der Baubranche hei am Land ass.

Do derniewent verdingen ëmmer méi Grenzgänger hiert Brout an de Lëtzeburger Kleng- a Mëttelbetriber aus dem Norden, virun allem am Handel an am Handwierk, eleng an der Sispolo-Gemeinschaft, dat heescht d'Gemenge Konstern, Housen, Houschen a Pëtscht, sinn eng 350 Aarbechtsplazen an de Mëttel- a Klengindustrie vum Handel, dovun eleng fir iwwer 200 Grenzgänger.

Kee Wonner also dass vill Leit an ëmmer méi Leit en Ubannen un dat belscht, daitscht Autobunnnetz fuerderen. Mä hei, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, stellt sech fir mech déi kruzial Fro: Muss dat oder soll dat onbedingt eng Autobunn sinn?

Ech mengen, dat muss ee sech ganz gutt iwwerleeën, wann ee weess, dass doduerch en zousätzlech schwéiere Camionsverkéier kënnt duerch d'Nordregioun transitéieren. Aner Kolleege heibanne wëssen, wat dat un Nuisance mat sech bréngt an och Problemer, mä op jiddfer Fall muss am Interessé vun der Sécherheet an der Liewensqualitéit vun de Leit eng Léisung fonnt ginn, déi zumindest de Verkéier aus den Uertschaften auslagert. Dat ass ganz kloer. Mir kënnen net weider 20.000 Autoen an de Spëttestonnen duerch déi siwen Uertschafte fuere loossen. Dat liicht jiddferengem heibannen an.

Zweet Stéchwuert, Här President, sinn d'Schoulinfrastrukturen. Ech wollt aus Zäitmangel net op de Primaire, Préscolaire a Précoce agoen, wou d'Gemenge grouss Efforte maachen, dat muss een ennersträichen, an dat ganz oft op interkommunaler Basis, fir där steigender Nofro nozekommen. Um Niveau vum Secondaire sinn eng Rei Bemierkungen awer ze maachen.